ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Familljeminister, un den Här Gesondheetsminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Well ëmmer méi Kanner hir Haaptmoolzecht net doheem anhuelen, wollt ech der Madame Familljeminister, dem Här Gesondheetsminister an dem Här Schoulminister eng Rei Froe stellen, wat d'Ernierung an eise Crèchen a Maisons relaisen ugeet:

1. Wien ass zoustänneg fir d'Iwwerwaachung vun der Ernierung an de Crèchen an an de Maisons relaisen?
2. Wat fir Texter vu wéi engem Ministère, siefen et Virschréften oder Uleedungen, si landeswäit fir d'Ernierung an den ëffentleche Crèchen a Maisons relaisen bannend?
3. Wéi wäit ass an esou Texter festgehalen, datt Lëtzebuerger respektiv regional Iesswueren hei musse verschafft an zerwéiert ginn?
4. Wéi wäit gëtt hei landeswäit dat traditionellt Lëtzebuerger Iesse berécksiichtegt?
5. Wéi ass séchergestallt, datt d'Personal, dat an de Crèchen oder an de Maisons relaisen fir d'Iessen zoustänneg ass oder dës beliwwert, genuch iwwer d'Lëtzebuerger Iesskultur an Iessgewunnechte weess, fir esou eng Missioun ze erfëllen?
6. Wéi wäit ass séchergestallt, datt hei och wëssenschaftlech Erkenntnesser (wéi z.B. iwwert de Wäert vu Schwéngefleesch bei enger gesonder Ernierung) berécksiichtegt ginn?
7. Sinn d'Ministeren der Meenung, datt och e Kand, dat de gréissten Deel vun der Zäit an enger Crèche oder enger Maison relais ësst, do och soll déi traditionell Iesskultur vum Lëtzebuerger Land kenneléieren? Wär et aus deem Grond ubruecht, e puermol an der Woch typesch, traditionell Lëtzebuerger Kichen an de Crèchen an de Maisons relaisen ze zerwéieren?
8. Gëtt et eventuell divers kulturell oder religéis Iessgewunnechten oder Virschréften, déi an de Reglementer vun de Lëtzebuerger Autoritéiten hiren Nidderschlag fannen? Wa jo, wéi eng? Wa jo, sinn all Kanner heivu betraff oder gëtt et e besonnesche Kascht fir verschidde Kategorië vu Kanner?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

9. Kënnen d'Elteren opgrond vu Lëtzebuerger Virschrëfte besonnescht Iesse fir hir Kanner verlaangen , z.B. ouni Schwéngefleesch oder datt e Kand soll veganen oder vegetaresche Kascht kréien? Wéi ginn esou Wënsch vun de Lëtzebuerger Autoritéite behandelt?
10. Wéi en Afloss hunn d'Elteren op de Menüsplang an den ëffentleche Crèchen oder Maisons relaisen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten